Exposition

**Faïences de Mettlach**

L'artisanat d'art
de Villeroy & Boch
à l'époque de l'historicisme

Du 27 novembre 1999
au 22 février 2000



MUSÉE d'HISTOIRE DE LA VILLE DE LUXEMBOURG

MUSÉE d'HISTOIRE
de la VILLE
de LUXEMBOURG
14, rue du Saint-Esprit
L-2090 Luxembourg
Tél.: 22 90 50-1
4796-3061

Ouvert:
mardi-dimanche
10.00-18.00 heures
jeudi: 10.00-20.00 heures
fermé le lundi

Entrée: 200.- flux
réduite: 150.- flux
Enfants jusqu'à
12 ans: gratuit

Occasion ratée : 20 000 visiteurs des nouvelles installations de la Chambre des Députés. Visite guidée des restaurations, puzzle-souvenir, boisson offerte et jeu questionnaire, tout y était. Sauf le politique. Dommage de ne pas avoir mis à profit cet engouement pour les décors (discutables) en posant quelques questions sur le fonctionnement du Parlement, en montrant à côté du vidéo film sur les travaux de la restauration un deuxième sur le rôle de l'institution....

Quand y aura-t-il de nouveau 20 000 visiteurs dans l'antre de la démocratie ?

**Serge**

De Bauer vu Viichte däerf sech an d'Fäischtche laachen. Wi de Codex aus dem Mariendall neess opgedaucht as, haten di professionell Lëtzebuerger Journaliste soss keng Fro wi déi nom materielle Wert vun där Handschrëft. Ganz iwwerflësseg as d'Fro zwar nët. Säit 1958 as de Grof vun Aansebuerg amgaang séng Buerg an d'Rei ze sezen, ouni e Su vum Staat ze kréien. Endlech huet en d'Méiglechkeet dem Staat en Deal virzeschloen. Hoffentlech léisst deen sech nët lompe, well d'Fachwelt waart säit Jorzéngten drop, déi Handschrëft kënnen ënnert d'Lupp ze huelen.

**m.p.**

An där traureger Affär ëm d'Ausweisung vu 40 Flüchtlingen gët ët fir de Koschter op d'mannst ee Grond zur Satisfaktioun: Keng Lëtzebuerger Zeitung, och nët d'*Luxemburger Wort*, huet dem Justizminister d'Partie gehalen. An och de Staatsminister huet zougin, dass déi Methoden nët mënschewürdeg sin a wëllt mat den ONGen aner Weër sichen. Méi hun d'Manifestanten och nët verlaangt. Wann also de Justizminister hinnen d'Schold wëllt gin un der Brutalitéit vu sénge Beamten, dann as e falsch informéiert, well d'Gendaarme sin eréischt eng Véierelstonn nom Ufank vun der Manif opgedaucht. A bis dohin hat ët keen Zwëschefall gin!

**m.p.**

Mat Interessi huet de Koschter am 'Land' (19.11.1999) gelies, dass de Centre Universitaire elo och en 3e Cycle an der Immunologie ubidd. De Conseil d'administration vum Cunlux gouf zwar bis haut nach net mat esou enger Décisioun befaasst, mä well jo och am 'Land' ze liese wor, we in President vum Cunlux géif gin, ir de Conseil d'administration e gewielt huet, dierft wuel och dës Informatioun wouer sin an dem Conseil op en Neits imposéiert gin. De Koschter hofft geschwënn am 'Land' ze liesen, dass och déi 3e Cycles an anere Fächer, di säit Joren um Cunlux virbereet gin an op gréng Luucht waarden, endlech vum President aviséiert gi sin an däerfen unfänken mat schaffen.

**JST**